



**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire urgente n° 3527 du 28 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « Mesures sanitaires des prestataires de soins à domicile ».**

**1. Wéi ass et an den Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerten, datt eng demenzkrank Persoun, déi beim Droe vun der Mask praktesch keng Loft kritt, vum Fleegedéngscht opgefuerdert gëtt, imperativement de Mask unzedoen?**

Et ass gewosst an allgemeng bekannt, dass d'Droe vun engem Mask de Risiko méi kleng mécht datt e Krankheetserreeger iwwert de Loftwee iwwerdroe gëtt. Duerch d'Droe vun engem Mask schützt d'Persoun hire Géigeniwwer. Ëmmer do wou d'Distanz net ka respektéiert ginn, sollten déi zwou Persounen duerfir e Mask droen. Wann dëst awer duerch eng demenziell Erkrankung nëmme schwéier méiglech ass, oder souguer medezinesch kontra-indikéiert ass, sou kann dorop verzicht ginn, wann eng vun den zwou Persounen e Mask dréit an all weider Schutzmesurë respektéiert sinn.

**2. Mat wéi enge Konsequenze muss fleegebedierfteg an un Demenz erkrankte Leit rechnen, wann si keng Mask unhalen? Kann de Fleegedéngscht an deem Fall ofleenen, dës Persoun weiderhin ze betreien?**

De Fleegedéngscht soll d'Persounen déi se fleegen, sensibiliséiere fir ee Mond- a Nuesschutz ze droen. Wann dat aus medezinesche Grënn net méiglech ass, sou muss dës Persoun awer weiderhi betreit ginn. Ëmsou méi wichteg ass et an dëse Situatiounen, datt de Soignant vum Fleegedéngscht dann e Mask dréit an datt déi allgemeng Hygiènes- an Distanzmesuren applizéiert ginn.

**3. Gedenkt d'Regierung am Hibléck op déi uewe genannte Virfäll ze reagéieren an esou eeler Leit, déi keng Mask kënnen droen, mat der néideger Dignitéit ze behandelen?**

Mir hunn keng weider Informatiounen zu dësem eventuelle Virfall an dofir ass et net méiglech, vun engem Eenzelfall op d'Allgemengheet ze generaliséieren. Et ass evident, datt all Mënsch, a ganz besonnesch den eelere Mënsch, mat Respekt an an der Dignitéit begleet a gefleegt muss ginn.

**4. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt e Fleegedéngscht senge Mataarbechter pro Tour just eng, respektiv, zwou Masken zur Verfügung stellt?**

E chirurgesche Mask ka während 8 Stonnen um Stéck vun enger Persoun gedroe ginn, ouni datt en un Effikassitéit verléiert. Iwwert dës Zäit eraus, ass et ubruecht, de Mask ze wiesselen.

**5. Wa jo, wär et an den Ae vun der Madamm Minister net opportun, ze reagéieren an d'Fleegedéngschter dozou opzefuerderen, hire Mataarbechter méi Masken zur Verfügung ze stellen?**

D'Fleegedéngschter stellen hiere Mataarbechter déi neideg Masken zur Verfügung. Am Fall vun den Aarbechtszäiten am Secteur vun de Fleegedéngschter, déi an normalen Zäiten sech op 8-10 Stonne verdeelen, sinn ee bis zwee Maske pro Dag noutweneg.